PIRATEN
SENSIBILITÉ POLITIQUE
22, RUE DE L'EAU
L-1449 LUXEMBOURG

Fernand ETGEN
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 11/10/2023

**Här President,**

**Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un d'Ministere fir Ëffentlechen Déngscht & Interieur weiderzeleeden.**

Fir dierfen am Gemengesecteur ze schaffen, muss een als éischt d'Epréuve d'aptitude générale paken an duerno den Examen d'admissibilité. Fir dës Sessioun waren d'Examen d'admissibilité fir d'Leit am Grupp B1, C1 an D1 awer virun deene fir d'Epréuve générale. Wat bedeit, dass dës Leit nëmmen den 1ten Exame kënne maachen, an dann een halleft Joer musse waarden fir den 2ten Deel. Dës kascht net nëmmen d'Leit Zäit, mee suergt och dofir, dass d'Gemenge Posten eréischt méi spéit kënne mat dëse Kandidate besetzen.

An deem Zesummenhang wéilt ech de Ministeren dës Froe stellen:

1. Firwat goufen dës Delaien esou festgehalen?

2. Firwat betreffen dës ënnerschiddlech Delaien nëmmen een Deel vun de Gruppen?

3. Wäert an Zukunft drop gekuckt ginn, dass ee béid Examen op allen Niveaue kann an enger Sessioun maachen? Wann nee, firwat net?

Mat déiwem Respekt,

GOERGEN Marc
Deputéierten